Madamm COUTO Paula
Gemengeconseiller

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

Referenz : 2026.70323.SECR

Péiteng, den 9. Mäerz 2026

**Betreff: Är Froe vum 9. Februar 2026**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Yves Schiltz - Tel.: 50 12 51 - 3011)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 9. Februar 2026, deen der Gemengeverwaltung per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*D'Cité Croix St Pierre besteet schonn zënter iwwer 10 Joer. Et ass gewosst, datt den initiale Promoteur faillite gemaach huet an datt um Ufank vun der rue des Vieilles Parts nach eng Residenz soll gebaut ginn. Donieft ass bekannt, datt eng provisoresch Heizungsanlag zënter méi wéi Joeren installéiert ass an nach ëmmer net definitiv ersat gouf.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

*1. Wéini ass dat lescht Haus respektiv déi lescht Residenz an der Cité Croix St Pierre fäerdeggestallt ginn? (D'Residenz, déi nach soll gebaut ginn, soll fir dës Fro net berücksichtegt ginn.)*

*2. Wëssend, datt normalerweis de Promoteur fir den definitive Stroossebelag an d'Trottoiren zoustänneg ass an datt den initiale Promoteur faillite ass: Wien ass aktuell fir d'Finalisatioun vum Stroossebelag respektiv vun den Trottoiren an der Cité Croix St Pierre zoustänneg?*

*3. Wëssend, datt zënter ronn zéng Joer näischt méi an der Cité gebaut gouf, firwat konnten d'Stroossen nach ëmmer net mat engem definitive Stroossebelag finaliséiert ginn, am Interessi vun de Bewunner?*

*4. Och wann d'Gemeng formell net dofir zoustänneg ass, wier et awer am Sënn vun de Bierger, wann d'rue des Vieilles Parts (zu engem groussen Deel) an d'rue Henri Dunant (komplett) endlech finaliséiert géife ginn. Firwat kann d'Gemeng hei net intervenéieren an duerno dem Promoteur déi entstane Käschten a Rechnung stellen?*

*Mat Respekt*
*Paula Couto,*
*Gemengeconseiller*

pétange
MOTIVATION COMMUNE

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Den Dokumenter vun eise verschiddene Gemengeservicer no sinn déi leschten Haiser am Laf vum Joer 2019 fäerdeg ginn, an 2020 sinn déi lescht nei Bewunner (an der Henri Dunant – Strooss) erageplënnert.

Betreffend Är 2. Fro ass ze bemierken, dat der Gemeng net bekannt ass dat den initiale Promoteur soll faillite sinn. Jiddefalls ass et esou dat d'Obligatiounen déi *de part et d'autres* anzehale sinn, iwwert eng Konventioun tëschent dem Promoteur an der Gemeng festgehale ginn. An esou ass et och nach ëmmer um jeeweilege Promoteur fir d'Finalisatioun vum Stroossebelag ze realiséieren.

Effektiv ass et esou, dat mat der Finalisatioun vum Stroossebelag am Prinzip gewaart gëtt bis déi lescht Haiser, respektiv aner klenger Infrastrukture fäerdeg gebaut gi sinn. Dëst gëtt esou gemaach fir ze vermeiden dat d'Strooss onnéidegerweis erëm muss opgerappt gi fir Uschlëss ze realiséieren, respektiv duerch schwéiert Transportmaterial beschiedegt gëtt.

Ze bemierken ass awer och, dat dëse Projet eng 1. Phase vun engem gréissere Plan directeur ass, wou nach weider Bauphase solle follegen. Den Haaptprojet ass entre-temps vum initiale Promoteur un en anere Promoteur verkaf ginn. Dozou war 2024 ënnert anerem och schonn eng weider Konventioun am Gemengerot fir d'Realisatioun vun der Phase Nord 2 (lieu-dit: « Chemin de Brouck - Croix St Pierre »).

D'Gemeng huet scho beim initiale Promoteur intervenéiert fir dat de finale Belag realiséiert gëtt. An deem Sënn huet d'Gemeng och nach eng Retenue de garantie opstoen, an domat e gewëssent Drockmëttel, falls de Promoteur sengen Obligatiounen net wéilt nokommen. Rezent war dozou och eng Entrevue op der Gemeng fir nach eng Kéier op d'Drénglechkeet heivunner opmierksam ze maachen.

Well d'Gemeng keng Asiicht op d'Dispositioune vum Kafvertrag tëschent de Promoteuren huet, gëtt de Moment awer nach tëschent de Parteien ofgekläert wat op Basis vun der initialer Konventioun déi eenzel Responsabilitéite vum initiale Promoteur an dem aktuelle Promoteur sinn. Ass dëst gekläert, wäert dann och endlech de Stroossebelag finaliséiert kënne ginn.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118